N°2892
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2892 vum 17. September 2025 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen zum Sujet "Bilan des Radars".

1) an 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Protokoller jeeweils 2023 an 2024 fir Vitessverstéiss ausgestallt goufen, déi tëschent engem a fënnef Stonnekilometer louchen a preziséieren, wéi vill der jeeweils duerch en eenzele fixe Radar, a wéi vill duerch Streckeradaren erfaasst goufen? Falls eenzel Aspekter vun där Fro net kënne beäntwert ginn, kann d'Regierung dës dann exemplaresch preziséieren?

Falls der Regierung keng vun deene gefroten Donnéeë méi zur Verfügung stinn, kann d'Regierung motivéieren, firwat de Logiciel vun der Police entspriechend reduzéiert gouf an déi Donnéeën elo an hirer Gesamtheet als irrelevant fir d'Verkéiersfuerschung agestuuft ginn?

Esou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2719 geschriwwe gouf, ass et der Police net méiglech déi gefrote Recherche zu Protokoller fir Vitessverstéiss, déi tëschent engem a fënnef Stonnekilometer louchen, ze maachen.

D'Police kann awer follgend Statistike matdeelen, déi d'Administration des Ponts et Chaussées aus hierem Logiciel op Demande vun der Police eraus zéie kann :

2023 :

- Fix Radaren

| Vitesse iwwerschratt (km/h) | Unzuel vun de Protokollen |
|---|---|
| 1 km/h | 42303 |
| 2 km/h | 34797 |
| 3 km/h | 26275 |
| 4 km/h | 20036 |
| 5 km/h | 14135 |
| Total | 137546 |

- Strecke-Radaren

| Vitesse iwwerschratt (km/h) | Unzuel vun de Protokollen |
|---|---|
| 1 km/h | 15695 |
| 2 km/h | 10456 |
| 3 km/h | 7525 |
| 4 km/h | 5829 |
| 5 km/h | 4514 |
| Total | 44019 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

2024 :

- Fix Radaren

| Vitesse iwwerschratt (km/h) | Unzuel vun de Protokollen |
| --- | --- |
| 1 km/h | 53277 |
| 2 km/h | 42917 |
| 3 km/h | 31935 |
| 4 km/h | 24249 |
| 5 km/h | 17079 |
| Total | 169457 |

- Strecke-Radaren

| Vitesse iwwerschratt (km/h) | Unzuel vun de Protokollen |
| --- | --- |
| 1 km/h | 14705 |
| 2 km/h | 9290 |
| 3 km/h | 6918 |
| 4 km/h | 5190 |
| 5 km/h | 4023 |
| Total | 40126 |

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden